



# De Platte Knuet




Ouschteren sinn do!  
Ouschterhues an Ouschtereëër



Scoutstechniken  
Poster mat Kniët



30 Joer ONGD  
Revival-Camp a Senegal





# Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.  
Renseignements sur [www.bil.com](http://www.bil.com) ou en agence.

**Vous avant tout**



Banque Internationale à Luxembourg SA, 69 route d'Esch, L-2953 Luxembourg, RCS Luxembourg B-6307

(+352) 4590 - 3000 [www.bil.com](http://www.bil.com)

## Be prepared!

Mat Engagement an Idealismus

### Léif Cheftainen an Chef,

Et huet eis gefreet, datt dir esou zahlreich op den Neijoerschpatt an d'Géisserei komm sidd, deen dëst Joer am Zeeche vun engem „After-Work“ stoung. D'Leit konnten esou de Feierowend ab 17.00 Auer gemitt-lech aleeden. Är positiv Resonanz op dës Initiativ huet d'Programm-Ekipp motivéiert fir 2019 den After-Work nach eemol unzëbidden, an och unzë-passen, esou datt och eis jonk Cheftainen a Chef vun den Universitëiten d'Méiglechkeet kréien dorunner deelzehuelen.

D'LGS stellen sech op fir déi nächst Joren. Ee grouse Challenge dobäi ass d'Konzept vum RAP (renewed approach to programm), vun deem dir schonns esou oft héieren hutt, säit en um Chefdag 2013 fir d'éischt lancéiert ginn ass. Am Verbandscomité vun dësem Januar ass den allge-menge Methodetext ugeholl ginn, de Schrëtt 7: Nei heibäi ass, dass et elo e brancheniwwergräifende Methodetext gëtt, deen allgemeng fir all Altersgruppe gültig ass. Dëse Grondtext a roude Fuedem suergt dofir, dass all d'Branchenmethoden, déi heiroppbauen, och ënnerenee kohä-rent sinn an déi nämmelech Theme behandelen. Am Moment sinn d'Branchen am Gaang un de branchespezifische Methodentexte ze schaffen.

D'soziaalt an humanitært Engagement vun den LGS gëtt 2018 gewier-degt mat engem Camp-Chantier am August am Senegal. Säit 30 Joer sinn d'LGS am Senegal aktiv, an dat mat logistescher, fachmännischer, finanzieller, a virun allem mënschlecher Hëllef. Iwwert all deen Zäitraum weisen d'LGS dat se mat Geduld an Ausdauer fir Mënschen do sinn, déi Hëllef brauchen. Merci un all déi Benevolen, déi sech mat der ONGD fir dësen, an och aner Projete engagéiert hunn, a weiderhin engagéieren. All Schratt, dee mer maachen, huet klenger oder gréisser Auswierkun-gen. Viru 500 Joer hunn de Ferdinand Magellan an de Juan Sebastián Elcano deen éischten Tour du monde mam Schëff gemaach. Wat mat haitege Mëttele vläicht net méi esou sensationell ass, war deemools eng Meeschterleeschtung. Den LGS ass ze wënschen, datt se de Virwëlzt an d'Abenteuerloscht bäibehalen, deen et hinne bewosst mécht, dat Grenzen do si fir no hanne verréckelt ze ginn. Eis Membere sollen de Kader vun den LGS notzen, fir zesammen an der Grupp staark ze ginn an sech perséinlech weider ze entwéckelen. Magellan/Elcano sollen net just eng histoiresch Erën-nerung sinn, mä ee liewegt Beispill, wéi ee mat Engagement an Idealismus nei Weeër fënnt fir un d'Ziel ze kommen.

**Avec nos meilleures salutations guides et scouts,**  
**Anouk Galassi, Commissaire générale**  
**Yves Marchi, Commissaire général adjoint**



### Chers cheftaines et chefs,

Nous nous sommes réjouis d'avoir pu vous accueillir nombreux au pot de nouvel an à notre siège principal dit "An der Géisserei", et qui a débuté par un "After-work". Ainsi, nos membres ont pu entamer la dernière partie de la journée de manière décontractée. Vos commentaires positifs concernant cette initiative, ont motivé l'équipe en charge du programme de repropose la formule "after-work" pour 2019, en essayant de l'adapter pour permettre à nos membres qui fréquentent les universités d'être également présents.

Les LGS se positionnent pour les années à venir. Un des grands défis à réaliser tient au RAP (renewed approach to programm), dont vous avez entendu parler à maintes reprises depuis qu'il a été lancé lors de la journée des chefs en 2013. Lors du comité fédéral de janvier dernier, le texte général concernant la méthode a été adopté. Pour cette 7<sup>e</sup> étape, concernant la méthode, la nouveauté réside dans le fait qu'il existe une méthode commune à toutes les structures d'âge. Ceci permet d'adapter les méthodes qui sont propres à une structure d'âge donnée, afin de les coordonner et de les rendre cohérentes quant aux sujets abordés. A l'heure actuelle, les équipes travaillent sur la mise en place des textes spécifiques concernant la structure d'âge pour laquelle elles sont en charge.

L'engagement social et humanitaire des LGS sera à l'honneur avec un camp-chantier au Sénégal en août 2018. Depuis 30 ans, les LGS sont engagés au Sénégal, avec un soutien logistique, de main-d'œuvre, financier, mettant surtout en avant l'aspect humain de l'aide ainsi accordée. Pendant ces 30 ans, les LGS ont démontré qu'ils sont présents sur le terrain, avec détermination, pour venir en aide aux personnes qui en ont besoin. Merci à tous les bénévoles qui se sont engagés, et qui continuent à s'engager avec l'ONGD pour ce projet, voir d'autres projets de coopération.

Chaque geste que nous accomplissons a des répercussions plus ou moins importantes. Il y a 500 ans, Fernand de Magellan et Juan Sebastián Elcano ont fait le premier tour du monde en bateau. Avec les moyens technologiques actuels, l'exploit peut paraître moins important, mais à l'époque de la traversée, ce fût un coup de maître. Il est à souhaiter que la curiosité et le goût de l'aventure des LGS restent tels, qu'ils aient conscience qu'une limite est là pour être repoussée. Nos membres doivent utiliser le cadre offert par les LGS pour grandir avec leur groupe et s'épanouir personnellement. Magellan/Elcano ne doivent pas seulement rester un fait historique, mais un exemple vivant comment il est possible d'atteindre ses buts avec un brin d'engagement et d'idéalisme.



# LëTZ GO SCOUTING



Vum 14. bis de 25. November huet et an der Belle Etoile „Lëtz Go Scouting“ geheetsch. Während knapp zwou Woche goufen an enger flotter Ausstellung virun allem Fotoe vum GoUrban gewisen. Och d'Maquette vum GoUrban, déi während dem Camp gebastelt gouf, war hei ausgestellt. Eng Konstruktioun huet an der Expo natierlech net d'äerfe feelen.

D'Friedenslichtsfeier gouf dëst Joer vum Grupp St. Laurent vu Gréiwemaacher organiséiert. Zesumme mam Grupp vu Biekerech waren si d'Friedenslicht op Wien sichen. 79 Guiden a Scouten aus 7 verschidde Gruppen hunn um Rallye duerch Gréiwemaacher deelgeholl.



Sou gouf eng kleng Campplaz mat enger Kichen opgericht, an där op verschidde Deeg och Paangescher gemaach an un d'Visiteure verdeelt goufen.



Donieft konnten d'Visiteure och selwer aktiv ginn. Op enger Wand konnte verschidde Kniert ausprobéiert ginn an déi méi Jonk konnten op de fréie Nomëtter un der Aktivitéit „Scout fir eng Stonn“ deelhuelen. Hei goufe Foularde gemoolt an kleng Zwerge geschnëzt.



Ronn 140 Léit waren duerno beim Fakelzuch a beim gemittlechen Ofschlossien dobäi.

**Merci nach eemol der „Belle Etoile“, dass si eis d'Méiglechkeet ginn hunn, op dës flott Aart a Weis de Leit d'Welt vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten virzestellen.**





# Nuets-Funkraid CaraPio



# Avex Stad-Rallye 2018



46 CaraPio a Cheffen a Cheftainen hu sech den 13. Januar um Neihaischen getraff, fir um CaraPio Nuetsfunkraid 2018 deelzehuelen!

De CaraPio Nuetsfunkraid ass een Nuets-Hike, wou ee mat der Hëllef vun engem Funk, enger Kaart an engem Kompass sai Wee an der Nuecht soll fannen.

De Weekend huet domadder ugefaangen, datt d'CaraPio ee Crashcours kruten a Punkto Kaart liesen a wéi ee mat engem Funk ëmgeet. Am spéide Mëtte wor et dunn endlech souwäit, d'CaraPio hunn a klenge Gruppen hir Nuetswanderung gestart. Verschidde Gruppen hunn ongewollt ee méi groussen Tour gemaach, wéi geplangt, mee alles an allem ass jiddereen erëm gutt um Neihaischen ukomm.

Merci un déi motivéiert Gruppen, déi matgemaach hunn!


Är CaraPio-Ekipp



E Samschdeg de 24. Februar hu sech 210 Avex an 70 Cheffen a Cheftainë bei arkteschen Temperaturen an d'Stad beweegt fir um 1. nationalen Avex-Nuetsrallye deelzehuelen. Bei gefillte -18 Grad hu si sech ganz tapfer duerch d'Stad gekämpft an un 8 Spiller deelgeholl.

Gewënner vum Rallye sinn:

1. Belval-Metzerlach Don Bosco; 480 Pt.
2. Cents Schlickboizz; 479 Pt.
3. Diddeleng Déi Allergailst; 477 Pt.



Mir soen dofir all den Avex an och hire Cheffen a Cheftainen ee ganz ganz décke Merci!

# Lancement 2017





Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun  
**Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen**  
© (+352) 26 65 11  
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)  
www.sales-lentz.lu

 **Sales-Lentz**  
moving people



8th International



# Celtic Festival

Neihaischen/Schuttrange



19 & 20 Mai 2018

## 8. Bealtaine Festival 19.- 20. Mee 2018 um Neihaischen

No zwee Joer Waarden ass et am Mee erëm sou wäit; déi 8. Editioun vum internationale Keltfestival Bealtaine, mat nach méi Animatioun fir Kanner a Familljen. Kommt laanscht a verbréngt e spannenden Dag an der Welt vun de Kelten.

### Horairen:

Samschdes 19.5.2018: 11h00 – 22h00  
Sonndes 20.5.2018: 11h00 – 19h00

### Programm fir eis LGS-Gruppen

Dir hutt och dëst Joer d'Méiglechkeet mat äre Biber, Wëllefcher, AvEx op de Festival ze kommen an déi vill Aktivitéite matzemaachen.

Esou kënn dir eng flott a spannend Sortie fir Kanner organisieren, unni am Virus e Programm ze plangen.

### Mir bidden

- Gratis Entrée fir Biber, Wëllefcher an AvEx, déi sech als Grupp am Virus umellen;
- flott a spannend Spiller /Atelieren

### Wat musst dir maachen

Mellt iech w.e.g als Famill, Ruddle, Trupp bis spëtstens de 15. Mee op [info@bealtaine.lu](mailto:info@bealtaine.lu) un.

Deelt eis w.e.g mat:

- Numm vum Grupp,
- Numm vum responsabele Chef,
- E-mail Adress,
- Zuel vun de Kanner a Cheffen,
- Datum, wéini dir kommt (wichtig aus organisatoresche Grënn)

An der Kees kritt dir är Entréesbännercher.

### Programm

- 20 verschidden Atelieren, Infostänn, Verkafsstänn, Demonstratiounen,....
- Atelieren a Spiller fir Kanner, wéi Liederbännercher mat keltische Symboler stanzen, keltesch Schëlter a Schwärter bastelen, Keramikaarbechten...
- Live Concerten (während dem ganze Festival) mat:  
Rambling Rovers (Däitschland)  
On the wagon (Schottland)  
Nuraghi (Belsch)  
Luxemburg Pipe Band (Lëtzebuerg)  
Spirit of the Highland Pipes (Lëtzebuerg)
- Keltesch Animatioun mat Schwäertkampf, Feierspäizer, ...

Mir freeën eis op Iech!  
D'Bealtaineequipe



Koméit vun de  
Lënster Wëllefcher  
vum Joël Gangolf AWC

# Alles nëmmen Bausteng??

## Geschicht

E Grupp vu Wëllefcher geet um Camp mat de Cheffen op d'Visite vun der LegoL-Fabrék, wou si eng Aleedung an d'Geschicht vum LegoL an déi néideg Sécherheetsregelen erkläert kréien. Während hirem Openhalt an der Fabrék gi si a verschide Bau-Atelieren.

**Firwat** eigentlech eng Versammlung mat LegoL, ass dat net ze banal als Thema, ech ginn de Wëllefcher eng Këscht Lego a si ginn eens? Humm..., an der Ausféierung schonn. Oder net??


No laangem Kappzerbrieches, wéi ech dann elo déi 3 Versammlunge mat Inhalt opfélle soll, hat ech zum Schluss ze vill Inhalt...

Tëschen-Fazit: Et soll een net d'Komplexitéit ënnerschätzen, déi hannert einfach schéngenden Aktivitéite verstoppt ass! Zum Beispill: wéi mir op beemol an der 3. Versammlung amplaz 14 Kanner 30 virun eis setzen haten, huet sech d'Raumandeelung komplett geännert. Do gélt et, präventiv ze plangen, esou datt d'Aktivitéit och op ongeplangten Elementen ofgestëmmt ka ginn, net datt de Stagiäre dee Moment d'Baach erof geet.

Zeréck zu eise Protagonisten aus Plastik an hirem Asaz uechter déi 3 Versammlungen an Kuerzfaassung.

## 1. Versammlung

Hei kruten d'Wëllefcher Schlësselpunkten aus der LegoL-Geschicht gewisen, wéi sech d'Figuren an d'Baupläng mat der Zäit vun den 80er-Jore bis haut entwéckelt hunn, wéi sech LegoL uechtert d'Welt verbreet huet an och wéi den Emblème vun der Mark sech geännert huet. LegoL gétt et ënner verschiddene Medien: als Film, als PC-Spill, als Sujet am Nathan Sawaya senger Kongscht an anere Wiederer als villfältegt Ausdrucksmittel fir Kleng a Grouss. Duerno hunn d'Wëllefcher an 3 Atelieren an Gruppen/Eenzel hir Interpretatiounen zu engem Helikopter, engem Roboter oder halt Fräi/Freestyle gebaut.



## 2. Versammlung

Dës Kéier huet d'Fabrék 7 Visiteure gezielt, déi d'Chance haten dee vu mir selwer gebaute LegoL „Mensch ärgere dich nicht“, e Brietspill fir Max. 8 Leit (an deem min. 6 Stonne Planen+Realisatioun dran hungen) ze probéieren (probéieren, well trotz der Alpha a Beta-Test-phase ënnert eis Cheffen d'Signalisatioun net „ganz“ sou kloer wor).

Si haten och d'Chance an 2 Ekippe géinteneen den „Brick Challenge“ ze maachen, wou een deem anere mat enger Mauer an der Mëtt op enger identescher LegoL-Plaue eng Konstruktioun mam Opbau muss beschreiwen an dat an dräi Schwierigkeetsgraden. Dat krute si nawell erstaunlech gutt hin.


Zum Schluss kruten d'Wëllefcher e LegoL-Labyrinth ze zeechen.

## 3. Versammlung

Wëssenschaft ass Fuerschen an Neies entdecken, awer och Ales nei entdecken, en aneren Standpunkt kréien, och Tatsaachen an Fro stellen: Firwat ass dat sou? Ass Memory gläich Memory?

Memory-Spill: Et gesäit mol einfach aus, dobäi gétt et keng 2 Biller, déi identesch sinn, well et en associative Memory ass. Et geet em d'Legol-Thema, wat si verbënnt an net em déi reng Kopie vum Bild. Dat wor déi Versammlung mat den 30 Kanner. Déi nawell gutt iwwert d'Bühn gaangen ass.

Zum Schluss koum d'Legol-Versioun vun ‚Who's who?‘, wou si mam Lexikon misste kämpfen, fir d'Männercher ze beschreiwen, andeems si den Numm net direkt konnten nennen, mee d'Figur hate mussen ëmschreiwen.



Last but not least de Bilan vun der Aktivitéit aus der Siicht vum Chef, wat ech och mengem Gruppechef gesot hat, datt d'Plange vun deem ganze Koméit mech am meeschte Krämpes kascht huet, ufanks wor ech liicht verluer, wou wéi en Inhalt an d'Vesammlunge setzen. De Knuet huet sech duerch sëllech Recherche geléist. Wéi och em 3 Ecken denken an sech vun deene festgestane Spuere léisen, sech trauen eppes Neies ze maachen an dat och duerchsetzen. Weideres am Bilan wor eng gewësse Rouegkeet, déi iwwert déi 3 Versammlunge komm ass, vun „Oh mäi Gott, ech stierwen elo!“, „Ech si esou opgereegt, datt ech knapp e Blat roueg unhale kann“ bis zu „Ok, 30 Wëllef, hunn ech mer lo net grad erwaart“... Mee bon, d'Kanner si jo net géint mech, si si mat mir, soulaang ech dat hinne vis-à-vis och ausstralen, fir dono kënnen ze soen, datt de Koméit schonn ustrenge ass, mee fir d'Kanner ass et eng Versammlung, wéi eng aner. Fir si mécht et am Fong kee risen Ënnerschied, ob mir do lo eng praktesch Prüfung (fir de Chef) maachen. Wou eng Motivatioun ass, ass och ee Wee. D'Kanner spieren dat, si sinn héich empfindlech op eis Gefüller, déi mir ausstralen. Dat muss ee sech ëmmer am Kapp bäibehalen. Einfach sou sinn, wéi ee vun Natur ass, sech net virun de Kanner verstellen, ausser natierlech wann een eng Roll spillt. Da misst de Koméit fir de Chef z'iwwerliewe sinn.



# Alice am Wonnerland




Dëst Joer hu mir mat eisem Grupp vun de Réiserbänner Guiden a Scouten op en Neit Theater gspillt. D'Biber, d'Wëllefcher, d'AvEx, d'CaraPio an d'RaRo hunn zesummen „Alice am Wonnerland“ op d'Been gestallt. D'Theaterstück gouf vun eisem Chef, dem Cathy adaptéiert an iwwersat. Hatt huet sech iwwer laang Zäit mat der Geschicht ausernee gesat, fir eis e flott Erlebnis z'erméiglechen.



Eis Theaterstück huet iwwer dräi Akten d'Geschicht vum Alice erzielt, dat en Abenteuer am Wonnerland erlieft huet. Do begéint hatt lauter verréckte Figuren, wéi dem Huttmeeschter, der Tigerkaatz an natierlech dem Hues, deen ëmmer ze spéit ass. Fir dass den Theater och eng flott Erfahrung fir eis a fir de Publikum konnt ginn, hu mir laang am Viraus un de Kulissen an un de Kostümer geschafft. Dat ganz lescht Joer hu mir eis scho gespaant op d'Rolleverdeelung am September gefreet an eis dann an de Prouwen ëmmer méi mat eiser Roll ugefrennt.



Den 12., den 18. an den 19. November hu mir dann och endlech eis Theaterstück virun engem flotten an interesséierte Publikum op d'Bühn bruecht. Wéi och schonn déi Jore virdrun, huet et eis all vill Spaass gemaach a mir freeën eis schonn op dat nächst Joer.



Natierlech freeë mir eis och ëmmer op Besuch van anere Gruppen a villäicht gesi mir Dech an däi Grupp jo am November 2018!

Sara, Julie, Thierry & Alex

Saint Donat Réiserbann



# Wantercamp am Schwarzwald



Vum 16.-21. Dezember 2017 war eise Grupp vun de Réiserbänner Guiden a Scouten um Wintercamp am Schwarzwald. All Dag hu mir flott Aktivitéiten dobanne souwéi och dobaussen am Schnéi gemaach. Fir Schlitt ze fueren, misste mer ee grouse Bierg staark vum Schnéi bedeckt eropgoen. Mir ware frou, wéi mir Uewen ukomm sinn, mee d'Faart no ënnen huet sech op alle Fall gelount! Dobannen hu mer ënner anerem gebastelt, gemoolt an Experimenten gemaach an owes hate mir ëmmer eng flott Veillé.



Während dem Camp ass ee Kaweechelche bei eis komm, dat eis gefrot huet, fir op seng Noss opzepasst, well hien op d'Rees no enger nach vill méi grouser Noss wollt goen. Dofir hu mer seng Noss sécher an eisem Chalet verstoppt. Leider gouf d'Noss vu Raiber geklaut, während mir eis Aktivitéiten haten. Mat Hëllef vun Aufgaben a verdéngten Hiweiser hu mer erausfonnt, dass d'Raiber owes an de Chalet komme wollten. De ganze Grupp huet sech op de Besuch vun de Raiber virbereet. Mir hu Falen opgebaut, Dieren zougepecht a verbarrikadiert! Schlussendlech krute mir déi zwee gefaangen a kruten d'Noss zeréck. D'Kaweechelche war frou, wou mir him seng Noss nees zeréckginn hunn.



De leschten Dag hunn d'Avex, d'CaraPio an d'RaRo e klengen Ausflug op Freiburg gemaach, während d'Biber an d'Wëllef nach eng Kéier richtig vum Schnéi profitéiert hunn. No 5 flotten an onvergesslechen Deeg, huet eise Gruppchef eis nees sécher mam Bus op Lëtzebuerg zeréckbruecht.


Anna, Léa, Christine, Daniel & Engelina (Avex)

Saint Donat Réiserbann





# Pilzwanderung in Neuhäusgen



Im Oktober letzten Jahres hat die „Native Village“ Gruppe eine Pilzwanderung organisiert. Knapp 20 Teilnehmer haben sich am Morgen in Neuhäusgen zusammengefunden und haben zusammen mit Christoph Postler (u.a. Pilz-Sachverständiger und Naturerlebnispädagoge) einen tollen Tag verbracht.



Und zum Schluß noch schnell **die Rezepte:** Bevor ihr die Pilze verwenden könnt, solltet ihr sie mit einem Pinsel putzen. Für diesen Zweck gibt es zum Beispiel Pilzmesser mit integriertem Pinsel. Pilze solltet ihr nicht waschen, da sie das Wasser aufsaugen und nachher wässriger schmecken. Dann solltet ihr die Pilze längs teilen und schauen ob keine Maden im Pilz sind. Befallene Stellen sollten großzügig entfernt werden. Manchmal ist der Pilz jedoch so stark befallen, dass man ihn nicht mehr essen kann.



**Steinpilzbutter**  
In einer Pfanne Zwiebeln mit etwas Öl anbraten. Die Steinpilze hinzugeben. Gewürze (Salz, Pfeffer, Kräuter) hinzugeben und etwa 15 Minuten schmoren lassen. Die Steinpilze zu der weichen Butter geben und gut vermischen. Die Butter wieder kühlen und anschließend mit Brot servieren.



**Wusstet ihr,** dass der Hallimasch von etwa jedem 7. im gegarten Zustand doch nicht vertragen wird und es zu Übelkeit und Durchfall kommen kann? Also 1, 2, 3, 4, 5, 6, wer ist der 7.?:) Roh ist er übrigens immer giftig.

Und noch einige interessante und teils lustige Fakten



**Wusstet ihr,** dass Schnecken auch auf Giftpilzen zu finden sind? Sie können keine Leberschädigung bekommen, da sie keine Leber haben. Auch Wildschweine und andere Tiere können an Pilzen knabbern, ohne dass sie vergiftet werden. Fraßstellen sind also niemals ein Beweis dafür, dass die Pilze essbar sind.


Wenn du Lust hast, mal die kleine Schnecke mit dem Pilz im Bild aus. Unter dem Bild siehst du 4 Schattenbilder. Welcher Schatten passt zum Bild?

**Nudeln mit Pilz-Sahnesoße**  
Die Nudeln kochen. In einer Pfanne Zwiebeln und Speck anbraten. Die Pilze hinzugeben und mitbraten. Danach Sahne hinzugeben und mit Gewürzen abschmecken. Pilze sollen immer 15-20 Minuten ziehen damit sie besser verträglich sind.





Zuerst haben wir einige Informationen zum Thema Pilze, sowie Ratschläge zum Pilzesammeln bekommen. Anschließend haben wir selbst Pilze gesammelt und mit Christoph bestimmt. Schnell haben wir erfahren, dass noch längst nicht alles essbar ist. Dennoch konnten wir genug essbare Pilze finden, welche wir später zu einem hervorragenden Mittagmahl zubereiteten.

Hier noch der wichtigste Ratschlag des Tages: Im Wald findet man nicht nur essbare Pilze, sondern ein großer Teil der Pilze ist ungenießbar oder sogar giftig. Daher sollte man Pilze vor dem Essen einem Pilz-Sachverständiger zeigen und niemals etwas essen von dem man sich nicht 100% sicher ist.





# Déi gréng Säiten



Ab dëser Ausgab fannt dir op der Native Village Säit allkéiers Iddie fir Aktivitéiten, Spiller a Spaass dobaussen. Awer och Spannendes a Kuriéises iwwert eis Natur an Ëmwelt kritt dir hei gezielt. Am éischten Artikel gitt dir gewuer, wéi een aus Heilkräider Naturkosmetik kann herstellen.

Gitt och op d'Internetsäit vum Native Village kucken ([www.nativevillage.lu](http://www.nativevillage.lu)). Nieft flott Naturaktivitéite fir Grouss a Kleng fannt dir Infoen iwwert de Projet Native Village.

Wollt ihr auch ausprobieren, wie Salben oder Zahnpasta hergestellt werden? Dann leihst euch den pädagogischen Koffer „Naturkosmetik“ aus. (Anfrage per Mail an: [Tom.Lahr@lgs.lu](mailto:Tom.Lahr@lgs.lu)) Neben der genauen Anleitung findet ihr die benötigten Materialien ebenfalls im Koffer.

## Vill Spass beim Liesen!

### ! WICHTIGES VORAB !

- Wenn ihr Naturkosmetik herstellt, darf diese NICHT zum Verkauf angeboten werden!
- Sammelt Kräuter- und Wildkräuter ausschließlich, wenn ihr euch ganz sicher seid, dass es die richtigen Pflanzen sind oder fragt einen Experten!
- Getrocknete Kräuter kauft ihr am besten in der Apotheke vor Ort. Dort werdet ihr richtig beraten und bekommt die Kräuter in hochwertiger Qualität.
- Nehmt nur so viel mit, wie ihr braucht und achtet darauf, dass ihr möglichst wenig Schaden und keinen Müll in der Natur hinterlasst!
- Bei der Herstellung von Naturkosmetik achtet darauf, dass ihr die Zusatzstoffe möglichst in Bioqualität und aus nachhaltigem Anbau kauft.
- Zieht euch bei der Herstellung der Produkte zur Sicherheit feuerfeste Handschuhe an.



## Seifen selbst herstellen

Das folgende Rezept eignet sich für alle Altersgruppen und kann alternativ in einer herkömmlichen Küche hergestellt werden. Die Menge der benötigten Materialien richtet sich nach der Größe der Seife. Für ein herkömmliches Seifenstück werden etwa 100g Glycerinseife benötigt.

### Material:

- Glycerinseife
- Gießformen, wie Muffinförmchen, Eiswürfelbehälter, kleine Siliconbackformen etc...
- Nach Belieben Naturmaterialien, wie getrocknete oder frische Blüten, Zapfen o.ä.
- Nach Belieben Duftstoffe, wie ätherisches Lavendelöl o.ä. (aufgepasst mit ätherischen Ölen bei Kindern, besonders Thymianöl darf bei Kindern bis 12 Jahren NICHT angewendet werden)
- Nach Belieben Farbstoffe, wie Lebensmittelfarben
- Grillrost
- 2 Töpfe
- Holzlöffel

## Und so geht's:

Zunächst ein Feuer machen. Dann die Glycerinseife in den Topf geben und im Wasserbad schmelzen. Nach Belieben können Farb- oder Duftstoffe dazu gegeben werden. Da beispielsweise ätherische Öle Allergien auslösen können, solltet ihr die Dosierung in Maßen vornehmen. Achtet bei der Auswahl der Produkte auch auf die Hautverträglichkeit.

Nachdem ihr die Zapfen, Blüten o.ä. in die Seifenform gegeben habt, gießt ihr die flüssige Seife ein. Alternativ kann die Seife auch schichtenweise gegossen werden. (Dann verteilen sich die Naturmaterialien besser). Wichtig ist, dass ihr dabei die einzelnen Schichten aushärten lasst.

Die Glycerinseife sollte zügig verarbeitet werden, da sie bereits nach kurzer Zeit feste Teile bildet. Nachdem die Seife erkaltet ist, kann sie aus der Form genommen werden.



Als Gießform eignet sich alles, was Lauge- und Hitzebeständig ist (40-50 Grad). Dazu zählen Kunststoffformen, wie Siliconbackformen, Eiswürfelbehälter, Joghurtbecher oder Sandförmchen. Muffinförmchen aus Papier können ebenfalls genutzt werden

**Wirkung und Anwendung:** Glycerinseifen haben eine hervorragende reinigende Wirkung. Durch ihren hohen Fettanteil sind sie stark rückfettend. Aufgrund ihrer chemischen Zusammensetzung können sie Wasser besonders gut binden, sodass Glycerinseifen sehr feuchtigkeitsspendend sind. Durch die gute Tragfähigkeit von Duftstoffen können ätherische Öle beigemischt werden, ohne dass der Duft verfälscht wird.

Rezepte (jeweils für 10 Portionen à 30 ml/gr)  
Folgende Rezepte eignen sich für alle Altersgruppen und können alternativ in einer herkömmlichen Küche hergestellt werden. Denkt daran eure Naturkosmetika mit Datum und Inhalt zu beschriften.

## Salbei-Zahnpasta

### Material:

- Kokosöl
- Natron
- Xylit
- Ätherisches Öl (Salbei, alternativ Pfefferminz,...)
- Feuerfeste Schüssel
- Löffel
- Salbendosen

Ein Feuer machen. Dann 40 Esslöffel Kokosöl in einer feuerfesten Schüssel über dem Feuer schmelzen und 30 Esslöffel Natron hinzugeben. Das Ganze ordentlich verrühren, damit keine Klumpen entstehen und vom Feuer nehmen. Nach Belieben können auch getrocknete und fein geriebene Salbeiblätter oder ätherisches Salbei-Öl (etwa 15-20 Tropfen) hinzugegeben werden. Für den Geschmack eventuell eine Prise Xylit (Birkenzucker) hinzugeben und das Ganze in kleine Dosen abfüllen und abkühlen lassen.

**Wirkung und Anwendung:** Kokosöl bewährt sich vor allem als Entzündungshemmer, also bei entzündetem Zahnfleisch. Natron neutralisiert die Säure im Mund, löst Zahnbeläge und reduziert Verfärbungen. Xylit reduziert nachweislich Karies und Salbei wirkt gegen Zahnfleischbluten, entfernt Zahnbeläge, tötet Bakterien ab, stärkt das Zahnfleisch und erfrischt den Atem.



## Ringelblumensalbe

### Material:

- Getrocknete Ringelblumen
- Pflanzenöl (am besten eignet sich Olivenöl)
- Bienenwachs
- 2 feuerfeste Schüsseln
- Sieb
- Löffel
- Trichter
- Grillrost
- Salbendosen

Ein Feuer machen. Dann 350 ml Pflanzenöl und 2-3 Handvoll getrocknete Ringelblumen in ein feuerfestes Gefäß geben und auf einem Grillrost stellen (nicht direkt in die Flamme stellen). Das Öl sollte etwa 20-30 Minuten lang erwärmt werden ohne, dass das Öl mit Kochen anfängt (damit die Ringelblumen nicht frittiert werden). Dann das Gefäß vom Grillrost nehmen und das Öl durch ein Sieb geben. Solange das Öl noch heiß ist, werden etwa 10-12 EL Bienenwachs darin geschmolzen. Dann kann die Salbe in kleine Döschen abgefüllt werden und abkühlen.



**Wirkung und Anwendung:** Die Ringelblumensalbe findet breite Anwendung bei einer Vielzahl von Hautproblemen wie z.B. bei Entzündungen der Haut und Schleimhäute, sowie bei (Brand-) Wunden, Hautrissen, Verletzungen, Ausschlägen oder Warzen. Das Bienenwachs wirkt zusätzlich entzündungshemmend und keimabtötend.

## Spitzwegerich-Sirup

### Material:

- Spitzwegerich getrocknet oder frisch (alternativ Breitwegerich)
- Kokosblütenzucker
- Wasser
- Messbecher
- Kanne
- Grosser Holzlöffel
- Sieb
- Trichter
- Kleine Glasfläschchen (30 ml)




Zu gleichen Teilen Wasser (ca. 400 ml) und Kokosblütenzucker (ca. 400 gr) auf die Flamme stellen und miteinander vermengen bis der Zucker aufgelöst ist. Dann etwa 4 Hände voll getrocknete Spitzwegerichblätter zugeben, 10 Minuten kochen lassen und absieben. Den entstandenen Sirup in saubere Flaschen abfüllen. Der Sirup ist durch den Zucker lange haltbar.



**Wirkung und Anwendung:** Bei Erkältungen, Halsschmerzen und Husten 3 mal täglich ein Esslöffel zu sich nehmen. Auch ohne Erkältung schmeckt der Sirup sehr lecker, sollte dann aber mit Wasser oder Sprudelwasser verdünnt werden.



# Spanknuet





C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



Votre nouvelle voiture, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté!

- Grâce aux formules 'Performance', 'Confort' et 'Sécurité', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

**easyPROTECT-Auto**, c'est votre choix de qualité! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client



lalux for you

sur [www.lalux.lu](http://www.lalux.lu)

lalux - meng Versécherung

**ANNO 1953**

Auszich aus dem Fanion



## Rätzel

1. Zwei Pfadfinder kommen von Ahausen und wollen nach Behausen. Der Weg führt durch den großen Wald. Karte und Kompaß haben die beiden nicht mit. Nach etwa einer Stunde kommen sie an einen Kreuzweg. Den Wegweiser hat ein Sturm umgeworfen, und nun liegt er da und seine Arme zeigen teils zum Himmel, teils zum Erdmittelpunkt. Wohin sollen die beiden Pfadfinder sich nun wenden, um nach Behausen zu kommen? Sollen sie geradeaus gehen, links oder rechts? Klar doch, sie gehen... Ja, wohin gehen sie?

2. Gestern hatten wir großen Streit in der Patrouille. Walter und Werner stritten sich nämlich, wie ein Zebra gestreift sei. Walter behauptete, das Zebra sei schwarz auf weiß gestreift, während Werner todsicher war, daß es weiß auf schwarz gestreift sei. Wer von den beiden hatte recht?

## Mir spielen



**D'«Garruche».** — D'Garruche ass e Foulard matt engem Knuet um Enn. Op d'Aen oppassen! Därf nött o'ni Hutt gespilt gin. Je nodém en d'Schle aushält, reekt e vir oder 't blockt én un. Nétt vergiessen, nóm Spill d'Hitt nés an d'Reih ze män.



**De Feil an de Bo'.** — De Feil gött aus Duch, Sand an engem gewe'nleche Feil gemacht. E'er é sche'sst, d'Duch matt Kreid weiss män, fir ze gesin, wo' en de Ge'gner ge-traff huet.



**D'Härz aus Carton.** — En Härz aus Carton öm den Hals ugemächt, gött önnert dem Hiem gedroen. Wann én d'Härz erofgerappt krüt, könnt d'Ficelle iwert d'Hiem.



**D'Bäll.** — Fabrize'ert iech Bäll an e Schöld. Je nodém wo' de Ball trifft, ass é licht oder schwe'er verwond, oder aus dem Spill eraus.

**We' en d'knied le'ere kann:**

Some Methods of Instruction as depicted by Pierre Joubert in "SCOUT" (E.D.F.)



Military Style



With a book & a friend



Realistically



With expert assistance



Academic



Getting Fun out of it


Cliche: JAMBOREE



# Pädagogesch Kofferen



Zirkus Koffer



Koffer Naturerfahrungs-Spiller

# Kachen ouni Dëppen



Koffer Teambuildings-Spiller/Tower

Hutt dir eng Kéier Loscht, mat ärem Grupp ausprobéieren, wéi een ouni Briquet oder Fixspéin Feier mécht? Sidd dir am Gaang, déi nächst Brancheversammlung virzubereeden, sicht awer nach no engem flotten Thema? Plangt dir eng Formatioun z.B. zum Thema Teambuilding a brauchst nach Material?

Do sinn d'Pädagogesch Kofferen an d'Formatiounsmaterial um Neihaischen genau dat richteg fir iech.

Et gëtt si a ganz verschidde Beräicher, wéi Outdoor/Adventure, Kreativitéit oder Gruppendynamik. Dir kënnt aus iwwert 30 Kofferen a Formatiounsmaterial auswielen.

Nieft enger genauer Beschreibung vun der Aktivitéit oder dem Spill sinn allkéiers déi entsprechend Materialie mat dobäi. Dir kënnt déi Pädagogesch Kofferen an d'Formatiounsmaterial beim Tom Lahr ufroen.

Tel.: 357645  
GSM: 691 835704  
Mail: tom.lahr@lgs.lu

Eng komplett lwwersiicht iwwert d'Material fannt dir och op: [www.nativevillage.lgs.lu/programm-moglichkeiten/padagogische-koffer](http://www.nativevillage.lgs.lu/programm-moglichkeiten/padagogische-koffer)



Naturkosmetik Koffer



Naturkosmetik Koffer



Insekten Koffer



Fremde Welten



Feier Koffer

## Zopp am Ärdlach

Wéi hunn d'Steenzäitmënsche fréier gekacht? Eréischt méi spéit hu Mënschen en Dëppe kannt fir dran ze kachen. Am Fong brauchte si just Lieder, Steng, Waasser, Zutate fir eng Zopp, Feier an e Lach.

### Mee wéi funktionéiert dat elo genau?

Fir d'éischt gëtt e Lach am Buedem an e Feier gemaach. D'Steng ginn an d'Feier geluecht an opgehëtzt. Dat kann e bëssen daueren. D'Steng si keng normal Steng, wéi z. B. Basaltsteng. Si sinn immens hëtzebestänneg a kënnen dofir an d'Feier geluecht an erhëtzt ginn. Wa d'Steng heiss sinn, hält een d'Lieder a leet et an d'Lach. (D'Lieder dierf net chemesch gegierft sinn). Et schëtt ee Waasser an d'Zutate fir d'Zopp an d'Lieder. Elo komme Steng an d'Spill. Esoubal d'Steng richtig gliddereg sinn, komme si an d'Waasser. Do ginn si d'Hëtzt of an d'Zopp fänkt séier u mat Kachen. D'Zopp ass a 15-20 Minutte fäerdeg.

Wëllt dir och eng Kéier probéieren, wéi een eng Zopp am Ärdlach kacht? Da frot beim Tom Lahr ([tom.lahr@lgs.lu](mailto:tom.lahr@lgs.lu)) de Pädagogesch Koffer „Zopp um Ärdlach“ un. Nieft enger genauer Beschreibung vum Atelier, fannt dir all Materialien am Koffer.



## Pakalu ouni „Alu“? Geet dat?

Et gëtt eng Variant, wo de Pakalu an der Gamelle mat Kabesblieder gemaach gëtt. Hei gëtt et keen Offall, deen der Ëmwelt schuede kann. Eng weider Méiglechkeet ass de « Pakkables ». An dësem Fall gëtt alles aus Metall ewechgelooos an nëmme mat Naturproduite gekacht.

Dir kënnt de Pakkables esou wéi hei virgestallt an engem Gruef maachen, geet awer och an engem Dëppen um Feier.

**1. Schrëtt:** E Gruef maache vun ongeféier L60xB40xT50 cm. Dir brauchst Steng, déi am Feier net zersprangen a Brieder fir ofzedecken. D'Steng ginn am Feier opgehëtzt.

**2. Schrëtt:** Esoulaang de Gruef a Steng virbereet ginn, kann de Pakkables gemaach ginn.

Dir brauchst fir 6 Persounen :

- 1 krauselege, grénge Kabes (Wirsing)
- 1 Porrett oder Ënn
- zwou Hänn Räis
- 1 Kg Gehacktes
- Salz, Pfeffer, Gewierzer nom Goût

D'iewesch Kabesblieder ginn ofgehall, si ginn dono als Schutz op d'Steng ënnen higeluecht. Déi méttels Blieder gi fir d'Fëllung geholl. Fir d'Fëllung all Zutate gutt mëschen, op d'Blieder leeën an zesummerullen, eventuell kann ee si mat enger Ficelle bannen.

**3. Schrëtt:** Wa Steng ganz waarm sinn, ginn d'Pakkables an de Gruef geluecht. Hei kommen d'graff Kabesblieder drop, dann d'Pakkables. Dir kënnt dat ganz mat dem Rescht vum Kabes bedecken oder naasse Wuess dropleeën. Da gëtt de Gruef mat de Brieder zougedeckt a mat Buedem Loftdicht gemaach.

No ongeféier 45 Min. - 1 Stonn sinn d'Pakkables gutt.





# En Aascht-Hues

\*\*\* ..... \*\*\*



Wéi kann een aus engem Aascht en Hues bastelen? Hues du Loscht? Da maach mat!

Wat brauchst du:

- » 1 décken Aascht mat enger Gafelung
- » 1 Pinsel
- » WÄiss Faarf
- » 1 waasserfeste Bic
- » Filzwoll oder normal Woll
- » Stréi

Fakultatif:

- » Blummendrot
- » 1 Pechpistoul oder Bastelkleber
- » 1 Buermaschinn



1. Schrétt:  
Mir mole mat wäisser Faarf a mam waasserfeste Bic de Mond an d'Aen vum Hues.



2. Schrétt:  
Mir peche mam Bastelkleber d'Stréi an d'Mett vum Aascht.



3. Schrétt:  
Mir pechen an ëmweckelen dat ënnescht Stéck vum Aascht mat Woll.



4. Schrétt (fakultativ):  
Mir bueren 1 Lach ënnen an den Aascht.



5. Schrétt (fakultativ):  
Mir peche mat der Pechpistoul de Blummendrot an d'Lach.



# Ouschtereeër fierwen

➡ ..... ⬅

Eeër fierwe mat naturmaterialien

Wat brauchst du:


- » Eeër
- » Ënneschuelen
- » Kraider
- » Nylonsstrémp
- » Ficelle
- » Schéier
- » Eeërpick



Du muss d'Eeër mat Waasser ofwäschen an dann ofdréchnen.



Mat der Eeërpick gëtt ee klengt Lach an d'Ee gepickt. D'Lach gëtt do gepickt, wou d'Loftblous am Ee ass.



Da gi Kraider oder Blieder op d'Eeër geluecht an eng Nylonsstrémp gëtt ganz fest drüwer geluecht a gespaant, fir dass d'Kraider an d'Blieder op der Plaz leie bliewen.



D'Nylonsstrémp gëtt mat enger Ficelle zougestréckt, fir dass se net méi verrétscht oder lass geet.



Sinn all d'Eeër preparéiert, da ginn se an engem Déppe mat Waasser an Ënneschuele gekacht. D' Eeër sollen 10 Minutte kachen.



Duerno ginn se erausgeholl a mat kalem Waasser ofgeschreckt.



Dann kann een d'Strémp lass schneiden an d'Kraider erofhuelen.



Lo kann ee schéi Musteren op den Eeër erkennen.



# Spuere géissen



Géi an de Bësch a sich no enger Spuer.



Bau dir aus der Kartongssträif ee Krees, deens de mat den 4 Büroklameren fixéiers. Kuck dass deng Spuer an der Mëtt vun deem Krees ass an dréck de Kartong e bëssen an de Buedem.



Lo muss du de Gips uréieren. Kuck um Pak weis du et solls maachen. Mee pass op dass du Gips hiels dee schnell dréchent!



Schëtt de Gips an deng Spuer mee maach dat schéi lues fir dass de d'Spuer net futti méchs. De Gips soll 2-3 cm héich sinn.



Lo muss du waarden bis de Gips dreschen ass. Dat ka bëssen daueren mee an Tëschenzäit kanns du jo schonn no aneren Spueren sichen.



Wanns du de Gips aus dem Buedem hiels ass vill Bulli drun. Du kanns deng Spuer mat engem Pinsel oder enger aler Zännbriest botzen. Maach dat awer ganz lues fir dass de Gips net futti geet.

Wat brauchst du:

- » Gips (deen schnell dréchent z.B. Elektrikergips)
- » Eng Kartongssträif
- » 4 Büroklameren
- » Waasser
- » Eng Schossel
- » E Löffel oder e Bengel fir ze réieren

# Crashcours Orientatioun



Wie kennt et net? Den Dag vum Hike um Summercamp kënnst méi no a mir mierken, dass mir selwer zwar nach – falls mir net souwisou vergiess hunn de Kompass anzepaken – den Norde bestëmme kënnen, mee dat war et dann och scho mat eisen Orientatiouns-Kenntnisser.

Fir bei der nächster Aktivitéit, bei där mat Kaart a Kompass geschafft gëtt, erëm e bësse méi wéi just déi 4 Himmelsrichtungen ze kennen, kanns du zum Beispill däi Chef froe, mat iech eng Entreprise iwwert d'Thema "Orientatioun" ze maachen. **Mee test dach emol däi Chef:** Wéi wier et da wann dir als CaraPio emol de Spiiss ëmdréie géift an e Rallye fir är Chefekipp géingt organiséieren? Mol kucken op se do ukommen wou se sollen, ouni mussen op den Handy-Navi zeréckzegräifen...



## A lass geet et mat dem Kaart a Kompass Crashcours

### 1. Firwat eng Kaart?

Bei de Guiden a Scouten schaffe mir haaptsächlech mat enger topographescher Kaart am Moossstaf 1:20.000; dat heescht 1cm op der Kaart sinn a Wierklechkeet 20.000 cm oder 200 m. Fir d'Distanz ze moossen, kanns du z.B. e Lineal huelen oder eng Ficelle bei net riichte Strecken.

### 3. Wat si Coordonnéeën?

D'Coordonnéee sinn déi Zuelen, déi um Rand vun der Kaart agedroe sinn. Si hëllefen ons en ganz bestëmmte Punkt op der Kaart festzeleeën. Wat Coordonnée méi Stellen hunn, wat si méi genau sinn. Wou d'Koordinaten sech kräizen si kleng schwaarz Kräizer agezeechent. Bei engem Moossstaf 1:20.000 sinn des Kräizer all 5 cm ze fannen. Hei kënnst de Réimer an d'Spill. Wat e Réimer ass a weis de domat schafft, fënns de um Site vun de CaraPio (Link um Enn vum Artikel).

### 5. Nätzlech Links

Säit vun de CaraPio: <https://carapio.lgs.lu/dokumenter/>  
Site vun Geoportail: <https://map.geoportail.lu>



### 2. Wéi liest een eng Kaart?

Op all Kaart fannt dir eng Legend, déi erkläert, wat déi verschidden Zeechen a Faarwen op der Kaart bedeuten. D'Kaart huet jo usech 2 Dimensiounen (Längt a Breet). Déi 3. Dimensioun (d'Héicht) gëtt duerch d'Héichtelinnen duergestallt. All 5. Héichtelinn ass méi déck a weist duerch eng Zuel, d'Héicht iwwert dem Mieresspiegel un. Wann d'Héichtelinnen zou sinn, weisen si e Bierg oder en Hiwwel un. Leien d'Linne ganz no beieneen, dann ass de Bierg zimlech géi. Wat d'Linne méi wäit vuneneen ewech sinn, wat den Terrain méi flaach ass.


### 4. Tipps an Tricks

Mir gi fir d'éischt bei de Bam, éier mir eropklammen (wichtig wann ee mat Coordonnéeën schafft)  
Op der Kaart ass uewen ëmmer Norden, ënne Süden, léns Westen a riets Osten.  
Eng Kaart muss ëmmer agenordt ginn, dëst geet am beschte mam Kompass.  
De Polarstär gëtt ëmmer de Norden un.  
D'Westsäit vun eise Beem ass oft mat Mooss bewuess.  
De Süde kann ee fanne wann een eng Auer mat Zären huet. Et leet een d'Auer op de Buedem, sou dass de Stonnenzär op d'Sonn weist. De Süde läit op der Halschent vum Wénkel tëscht 12 Auer an dem Stonnenzär (Opgepasst: Wa Summerzäit ass muss dir 1h ofzëien).

Lénks Patt,  
Deng CaraPio Ekip



# Eng Zopp aus Steng



Et ass Wanter, an an der Nuecht ass de Wollef ënnerwee fir an d'Duerf.  
 Am éischten Haus do wunnt d'Hong, an de Wollef klappt un der Dier.  
 „Wien ass do?“  
 „De Wollef.“  
 D'Hong ass ganz erfieert.  
 „Du brauchst keng Angscht ze hunn, ech sinn al a hunn bal keng Zänn méi. Looss mech eran, fir dat ech mech wieren a mir eng Stengzopp kache kann.“  
 D'Hong huet nach ëmmer Angscht, awer ass och virwëtzeg. Hatt huet nach ni de Wollef richteg gesinn, an huet bis elo nëmme Geschichte vun him héieren. Also mécht hatt him d'Dier einfach op.  
 De Wollef kënnt eran, him ass et kal, an hie freet sech en Dëppen.  
 „En Dëppen??“ D'Hong kritt et mat der Angscht ze dinn.  
 „Lauschter, fir eng Zopp aus Steng ze maache brauchen ech eben en Dëppen.“  
 „A sou, dat wusst ech net, ech hunn nach ni esou eng Zopp gemaach.“  
 An elo verréit de Wollef d'Rezept.  
 „An d'Dëppe lees du en décke Steen, an da méchs de Waasser dobäi an du waarts bis et kacht.“  
 „Ass dat alles??“  
 „Jo“, seet de Wollef.  
 „Also, ech maachen a meng Zopp ëmmer Zellerie dran, da schmaacht se besser.“  
 „Jo, dat kann een och,“ mengt de Wollef an hie leet en décke Steen an d'Dëppen an se maachen Zellerie dobäi. Am Dëppe kacht et schon.  
 D'Schwäin awer hat gesinn dat de Wollef beim Hong am Haus ass, hie mécht sech Suergen a geet kucken.  
 Hie klappt un der Dier. „Ass alles an der Rei?“  
 „Jo komm eran, mir kachen eng Zopp aus Steng.“  
 „Eng Zopp nëmme mat Steng?“  
 „Jo, mee mir hunn och d'Zellerie dra gemaach.“

„Kann een dann och Zucchini dra maachen?“ freet d'Schwäin.  
 „Natielech,“ seet de Wollef, an d'Schwäin leeft heem a bréngt eng Zucchini mat.  
 D'Int an och d'Päerd hu matkritt, datt de Wollef beim Hong doheem ass, se wëlle matkréien, wat do geschitt. Se klappen un der Dier, well se sech Suerge maachen.  
 „Kommt eran, de Wollef, d'Schwäin an ech mir kache grad eng Zopp aus Steng.“  
 D'Int, déi scho vill gereest ass, erzielt, dass si an Ägypten eng Stengzopp mat Porrette giess huet an si bréngt hire Recht Porrette, déi si nach doheem leien huet.  
 Awer och d'Schof, den Hond an d'Geess hu gesinn, datt de Wollef do ass, se maachen sech Suergen ëm d'Hong, se wëlle wëssen, wat lass ass. D'Dier steet grouss op.  
 „Wat maacht dir dann do?“  
 „Mir kachen eng Zopp aus Steng.“  
 ..... a mir kënnen ons virstellen, wéi et weidergeet, deen ee bréngt nach Kürbis, deen anere Muerten, deen nächste eng Ënn mat.  
 An si sëtze ronderëm d'Dëppen, si erzielen sech Geschichten a Witzen.  
 „Wéi schéin ass et dach,“ mengt d'Hong, „fir hei beieneen ze sëtzen an ze waarden, bis d'Zopp gutt ass. Esou e gemeinsam Owesiesse misst ee méi oft maachen.“  
 „Ech hat schon Angscht et géif Héngerbritt gi“ mengt d'Schwäin.  
 „D'Zopp ass fäerdeg“ seet de Wollef an hien deelt Zopp aus.  
 D'Zopp ass richteg gutt, jiddereen hält sech 3 mol.  
 Zum Schluss zitt de Wollef e Messer aus der Täsch...an hie... stécht domat an de Steen. „O neen, deen ass nach net ganz mëll. Wann der erlaabt, dann huelen ech e mat fir muer den Owend fir mäin Owendiessen.“  
 „Merci fir dee schéinen Owend“ seet de Wollef.  
 Mir gesinn ons jo hoffentlech eemol erëm freet d'Hong.  
 De Wollef seet näischt méi a geet.

(Source: Aus dem Buch „Steinsuppe“ vum Anaïs Vaugelade, Beltz & Gelberg Verlag)

Hues du och emol schon eng Kéier, esou wéi an der Geschicht engem Friemen net getraut?

Wat häss du wuel am Hong senger Plazgemaach?

Wou hues du schon emol ënner Frënn esou wéi an der Geschicht Glécksmomenter erlieft?

Oppenheet kann zu Frëndschaft féieren.

Villäicht kennt dir zesummen och esou eng Zopp aus Steng kachen

Wat brauchst dir:

- » Een Dëppe mat Waasser (3 Liter)
- » Ee Steen (Basaltsteen, deen sech am Waasser net opléist)
- » 1 kleng Kürbis, 4 kleng Zuchinis, 4 déck Muerten, 1 déck Ënn, 1 Staang Zellerie, 1 Porette,
- » (Dir kennt awer och anert Geméis huelen.)
- » 6 Geméisküben



Huel en Dëppe mat Waasser a leet de Steen dran



Schneit d'Geméis ganz kleng, a wann d'Waasser kacht da werft alles zesummen an d'Dëppen



Loosst d'Zopp kache bis d'Geméis mëll ass. Maacht iech et ronderëm d'Feier gemittlech a loosst iech d'Zopp gutt schmaachen



# 30 Joer ONGD 1988-2018



  
**ONGD Guiden a  
 Scouten fir ENG Welt**



D'ONGD "Guiden a Scouten fir ENG Welt" feiert d'30ten Gebuertsdag.

Vill Aarbecht gouf an deene leschten 30 Joer ONGD gelescht ënner anerem am Senegal, do wou 1988 alles ugefangen huet mat engem éischte Camp Chantier.

Haut steet do eng professionell Schoul, déi et ville jonke Senegalesen erméiglecht eng gutt Ausbildung an eng besser Chance op d'Aarbecht ze kréien.

Fir den 30ten Gebuertsdag vun der ONGD gëtt en Revival-Camp am Senegal am August 2018 organiséiert. Fir weider Informatiounen kënnt dir iech bei ons mellen.

Bei där Geleeënheet wëlle mir an der ONGD och drun erënneren, dass mir eng ganz Rei konkret Aktivitéiten hu fir an äre Gruppe mat äre Kanner ze maachen. 2017 um GolUrban hu mir fir déi verschidde Branchen Aktivitéiten ugebueden zu den Themen :  
 Migratioun, Demokratie, Nei Medien a Viruerteeler.  
 Mat de Biber a Wëllefcher z.B. hu mir d'Deckelsmouk op hirer Rees begleet, Spiller aus dem Senegal gemaach, vill gelaacht a gedantzt, gesongen an e bëssen iwwert Viruerteeler geschwat.

Wann dir elo virwëtzeg sidd oder déi Aktivitéite wëllt maachen, dann mell dir bei ons.  
 Mir sinn op alle Fall prett fir déi eng oder aner Aktivitéit mat iech zesummen ze plangen an auszuféieren.

Mell dir iech beim Anne BOTZEM - tel. 26 94 84 23 oder [anne.botzem@ongd-lgs.lu](mailto:anne.botzem@ongd-lgs.lu)



*du kanns mei  
 weis de mengs*  
 WWW.MERITE.JEUNESSE.LU

D'Fondatioun Mérite Jeunesse Luxembourg gehéiert zur weltwäit féierendender Organisatioun The Duke of Edinburgh's International Award, déi an iwwer 140 Länner aktiv ass. Jidderee ka beim Mérite Jeunesse matmaachen, wann en tëschent 14-24 Joer al ass a Loscht huet sech innerhalb vun engem flexibelen an ofwiesslungsräiche Programm seng perséinlechen Ziler ze setzen an déi ouni Zäitlimit ze erreechen.

Du muss a 4 verschidde Beräicher aktiv ginn: Benevolat, Sport, Talent an eng Expeditioun maachen. Du sichts dir deng Aktivitéite selwer eraus a stells dir esou ee Programm zesummen, deen ausgeglach ass an deen dir Spaass mécht. Et muss een net alles zur gläicher Zäit maachen. Dee Programm soll et dir erméigleche méi Selbstvertrauen ze kréien, Responsabilitéit ze iwwerhuelen, Neies ze entdecken an un deng Fähegkeeten an Talenter ze glewen.

**Wann s du interesséiert bass, da mell Dech bei eis: [merite@lgs.lu](mailto:merite@lgs.lu)**



**Nora Bohler, Esch-Grenz**



**Et lount sech beim Mérite aktiv ze ginn. engagéier dech a mach eppes fir deng Zukunft:**

- du erlief vill flott Momenter
- du begéins nei Leit
- du entdecks nei aktivitéiten a Talenter, déi an dir stiechen
- du kriss en Zertifikat als Unerkennung, wann s du däi Programm ofgeschloss hues
- du engagéiers dech an enger parascolaire Aktivitéit, déi dir an dengem CV a fir d'Liewen eppes bréngt!

**Et ginn 3 verschidde Niveauen, déi s du kanns matmaachen:**

- Bronze**
- Ab 14 Joer a Minimum während 6 Méint aktiv sinn
- Sëlwer**
- Ab 15 Joer a Minimum während 12 Méint aktiv sinn
- Gold**
- Ab 16 Joer a Minimum während 18 Méint aktiv sinn



# Neijoerschpatt 2018



# Chefsäit



## Den éischten Afterwork bei der Géisserei

Den 11. Januar hat de Verband all Chef op den 1. Afterwork bei d'Géisserei invitéiert. Zesumme mat esëllechen Eieregäscht haten sech esou eng 150 Leit scho virum offiziellen Deel vum Neijoerschpatt an engem entspaante Kader zesumme fonnt. Och no dësem war nach d'Geleeënheet déi éischt Andréck vum Joer 2018 ënner Frënn ze deelen. D'Zesummentreffe vu Chef ass dat eigentlecht Zil vun dëser Aktivitéit, déi vun der Programmekipp an d'Liewe geruff gouf. Natierlech hunn Chilli, Zopp, Glühwain a Co., d'Motivatioun nach zousätzlech gehuewen. Esou hoffe mir och bei onsen nächste "sozialen" Aktivitéiten, iech Chef kënne zu vill ze begéinen.



## Är Programm-Ekipp



# STIP Wëllefcher

## STIP 2018 bei de Wëllefcher

Net vill Kandidaten dofir awer vill Niwwel...  
Vill Panzerknacker awer wéineg Beute...  
Masseg Legosteng an e Steen an der Zopp...  
Vill nei Iddien op e puer kleng Kaarten...



### Internationalen Austausch


23th Rossendale Brownies aus England sichen een traditionelle Bréiffrënd/-Grupp fir sech kënne auszutauschen an nei Frëndschafte kënne ze schléissen. Falls du oder d'äi Grupp interesséiert sidd, schéckt eis eng Mail: [ic@lgs.lu](mailto:ic@lgs.lu)

### Scout sinn während dengem Studium oder Aarbecht am Ausland

Du gees an d'Ausland fir deng Studien oder fir deng Aarbecht? Weess de wat? Du kanns weider Chef/Scout an engem Scoutsgrupp am Ausland sinn! Méi Infoen op eisem Site. oder [www.facebook.com/GoScoutAndGuideAbroad/](http://www.facebook.com/GoScoutAndGuideAbroad/)

# Happy birthday !

Eise Chef-Scout, de Grand-Duc Jean, huet sech iwwert d'Gléckwënsch vun den LGS fir säi Gebuertsdag gefreet, an huet dat mat dësem Schreiwes un eise Verband zum Ausdrock bruecht.



Jamboree, International Camps, Weltzenteren a villes méi op den Site:

# international.lgs.lu

### Neiegkeeten aus der Statutenekipp

Och wann der näischt méi héieren huet vun der Statutenekipp no dem Chefdag heescht dat net, dass mer näischt maachen. Mer hunn är Äntwerten op eis Ëmfro ausgewäert an är Bemierkungen a Froe sinn an eis Iwwerleeunge mat agefloss. Am Moment schreiw mer d'Artikele vum Kapitel „Verband, Leedung, Struktur“. Am Mee - Juni 2018 rechne mer, dass mer iech déi geschriwwen Artikele kënne presentéieren, fir dass dir är Bemierkunge kënnt derzou maachen.



# VerbandsGrupp

2017-2020



Michèle

Manon

Pit

Basile

Christine

Jeia

Marie-Anne

Claude

IC-WOSM & Adjoint & Ekip  
Bruno & Tom

PR-Commissaire & Ekip  
Johnny

Max

Sven

Alex

IC-WAGGS & Adjointe & Ekip  
Nicole & Yara

Christopher

Christiane

Dan

Nicole

Programm-Commissaire & Ekip & RAP  
Romain

Claude

Pol

Jang

Carmen

Romain

Jules

Marc

Georges

Formations-Comm. & Ekip & Resp. Gilwell  
David

Anne


Marc

Alisha

Marc

Anouk & Yves  
team@lgs.lu

Laurie







**Schéin Ouschteren!**



## Impressum

LGS Zeitung- N°2, 2017/2018  
 Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a  
 Scouten, kënn 3 mol am Joer eraus.  
 Redaktioun a Mataarbechter vun dëser  
 Nummer :  
 Zeitungsekipp, Branchenekippen,  
 d'Team, Verbandssekretariat&Safab,  
 PR-Ekipp, lokal Gruppen  
 Fotoen : LGS, lokal Gruppen, PR-Ekipp  
*E grouse Merci, deenen, déi zu dësem  
 Platte Knuet bäigedroen hunn !*  
 Editeur :  
 Lëtzebuerger Guiden a Scouten  
 5, rue München-Tesch  
 L-2173 Luxembourg  
 www.lgs.lu  
 Contact : platteknuet@lgs.lu  
 Dréckerei :  
 Print Solutions  
 Gedréckt op 100% recycléierte Pabeier  
 Oplo : 4500 Stéck



## Bühnentechniker gesicht



### D'Equipe vun de Bühnentechniker sicht Verstärkung.

D'Equipe koordinéiert den Op- an Ofbau vun der LGS-Bühn bei Locatiounen.

Wann s du drun interesséiert bass an dëser Equipe matzeschaffen, da mell dech

beim Marco Jadin (marco.jadin@lgs.lu).

Eng Formatioun, wéi een d'Bühn op- an oofriicht ass geplangt fir den 21.04. zu Bissen.

## Save the date!

<b>24</b> 2018 <b>MAR</b>	<b>GC</b> Formatiouns Weekend	<b>25</b> 2018 <b>MAR</b>	<b>JoCaPi</b>	<b>05</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>05.-08. Abrëll</b> Workingcamp Neihaischen
<b>12</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>12.-15. Abrëll</b> Avex-STIP	<b>13</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>13.-15. Abrëll</b> Ironscout	<b>21</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>21.-22. Abrëll</b> Abenteuer Teufelsschlucht
<b>26</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>EAS</b> WE zu Orval	<b>27</b> 2018 <b>ABR</b>	<b>Benefiziessen fir den Niger</b> „An der Schéiss“	<b>04</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>04.-05. Mee</b> 100 Joer Rover
<b>05</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>Biber- a Wëllefchers</b> Andacht	<b>06</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>Wëllefchers-Rallye</b> zu Suessem	<b>13</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>Mat Wëllef an de Bësch</b> Formatioun
<b>19</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>19.-26. Mee</b> STAP zu Bilschdref	<b>19</b> 2018 <b>MEE</b>	<b>19.-20. Mee</b> Bealtaine um Neihaischen	<b>01</b> 2018 <b>JUN</b>	<b>GC</b> Renconter
<b>02</b> 2018 <b>JUN</b>	<b>Wëllefchers- Naturdag</b>	<b>09</b> 2018 <b>JUN</b>	<b>09.-10. Juni</b> Formatioun Outdoor-Kichen	<b>07</b> 2018 <b>JUL</b>	<b>BiberMud</b>

Exp.: Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Luxembourg  
 Port payé  
 P/S.400

[www.lgs.lu](http://www.lgs.lu)